

Abléck wou China d'Loi anti-sécession en place setzt, da schéngt mer et ganz kloer ze sinn, dass an dësem Abléck dann net kann a Fro kommen, dass een d'Levée de l'embargo wëllt duerchzéien. An dat schéngt mer déi richteg Interpretatioun heivunner.

Ech wëll och soen, dass dës Resolutioun, deen Text hei jiddfer-engem laang genuch bekannt war an dass ech keng Reklamatioun doriwwer kritt hunn. Ech mengen also, dass mer hei eens si mat all deem, wat ech hei gehéiert hunn, och wat ech gesot hunn, an och an deem Text hei, dass dat dat ass, wat mer mengen an näischt aneschters.

**M. le Président.**- Den Här Mehlen. Op Grond vu wéi engem Artikel frot Dir d'Wuert, Här Mehlen?

(Hilarité)

**M. Robert Mehlen (ADR).**- Frot d'Madame Flesch, Här President. Déi weess et besser wéi ech. Ech hu souwisou nach eng Minutt.

Här President, ech wëll fir d'aller-éischt bedauern, dass déi Resolutioun hei anscheinend sämtleche Fraktiounen bekannt war wéi just der ADR-Fraktioun net. Ech wëll fir d'zweet bedauern, dass déi Resolutioun hei e bësselche mou gehalen ass, dass iwwerhaapt net kloer an däitlech condemnéiert gëtt, dass déi Mënschenrechtsverletzungen a China riicht weiderginn, och wann et sech vläicht dann e bësselche gebessert huet.

An dann, Här Ausseminister, ech sinn awer trotzdem iwwer Är Haltung verwonnert. An ech widderhuelen dat, wat ech éinescht gesot hunn: Dat weist awer e bësselchen déi Aart a Weis, wéi de Ministerot considéiert, wéi wann en iwwer allem géing stoen.

Wann ech de Wuertlaut huele vun deem, wat d'Europäesch Parlament als Vertriebung vun den europäesche Völker ausgesprach huet, da kann et dach iwwerhaapt keng Diskussioun iwwert dat ginn, wat d'Politik um europäeschen Niveau soll sinn. Dann ass et net fir hin an hier ze wackelen, an ze probéieren an awer nach hei oder do, dann ass et ganz kloer neen. An et ass och dat, wat mir vun Iech erwaarden.

Ech wëll soen, dass déi Resolutioun eis an deem Wuertlaut, wéi se elo virläit, net wäit genuch geet, an dat mer se duerfir net kënne mat droen.

**M. le Président.**- Den Här Ausseminister huet d'Wuert.

**M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre.**- Just ee Saz, Här President. Ech mengen, mir kennen an Zwëschenzäit - mir si laang genuch elo dobäi -, wéi d'Europäesch Unioun funktionéiert an déi Trinitéit, déi et an der Europäescher Unioun gëtt, engersäits de Conseil, anerersäits d'Kommissioun, anerersäits d'Parlament. An do gëtt et eng gewëssen Autonomie.

Ech mengen, de Conseil huet sech engen Aufgab ginn. Ech hoffen, dass awer Verschiddenes, wat ech gesot hunn, och e wéineg ageliicht huet - Ech hoffe mol! -, nämlech dass do net einfach den Embargo mir näischt, dir näischt soll op Wonsch vum Conseil opgehuewe ginn, mä dass do e Pendant derzou ass, an dass selbstverständlech d'Europaparlament eng Meenung ausdréckt, esou wéi all Nationalparlament eng Meenung ausdréckt, an dat ass jo och gutt fir déi Leit, déi am Conseil do elo mussen d'Décsiounen huelen, an do hale mer eis selbstverständlech drun, an der Richtung.

Mä loosst mer awer net verwieselen: Mir sinn an enger Présidence, mir hunn e Mandat kritt. Dat Man-

dat leeft eréischt of dee Moment, wou eis Présidence ofgelaf ass, a loosst mer weiderschaffen dorunner. Wann et méiglech ass, da maache mer et, wann et net méiglech ass, da maache mer et net, da bleift Lëtzebuerg net stoen a China och net.

(Hilarité)

**M. le Président.**- Sou, Dir Dammen an Dir Hären, mir si befaasst mat enger Motioun an enger Resolutioun. Ech denken, dass am Kader vun deenen Interventiounen iwwer Parole après ministre a Fait personnel, do alles gesot ginn ass, wat zu der Motioun an der Resolutioun ze soen ass. Ech hunn dat op jidde Fall esou verstan. Deementspriedend mengen ech, dass mer kënne zum Vote kommen.

Fir d'éischt d'Motioun, déi déposiert ginn ass vum Här Mehlen.

**Motion**

Kënne mer par main levée ofstemen?

(Négation)

Da stëmme mer par Vote électronique.

**Vote**

D'Motioun vum Här Mehlen ass ofgelehnt mat 47 Nee-Stëmme bäi 12 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Lydie Err), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner.*

Da komme mer zur Resolutioun, déi abruecht ginn ass vum hono-rabelen Här Fayot.

**Résolution**

Stëmme mer do par main levée of?

(Assentiment)

**Vote**

Wie fir déi Resolutioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech gesinn, dass déi Resolutioun mat enger ekrasanter Majoritéit vun der Chamber ugeholl ass.

5. Présentation d'une liste de trois candidats pour le poste de Conseiller à la Cour des Comptes

Dir Dammen an Dir Hären, sou wéi dat ofgeännert Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert d'Organisatioun vun der Cour des Comptes an d'Artikelen 116 bis 131 vum Chamber-reglement et virgesinn, stelle mer haut eng Lëscht vun dräi Kandida-te fir de Postë vum Conseiller bei der Cour des Comptes op. Dës Lëscht gëtt dann iwwert d'Regie-rung dem Grand-Duc virgeluecht.

D'Chamberreglement gesäit vir, dass d'Ofstëmmung geheim a per-séinlech ass. Et dāerf also net par procuration gestëmmt ginn. D'Wahl vum Kandidat erfollegt duerch eng absolut Majoritéit, woubäi déi blank an ongültig Wahlziedelen net a Betruecht ge-zu ginn.

Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolut Majoritéit kritt, kënn et zum Ballottage, an deem déi zwee Kandidaten vertruede sinn, déi am éischten Tour déi meescht Stëmme kritt hunn.

Bei Stëmme gläichheet am éischen Tour kënn et zu engem Spezialtour fir d'Kandidaten fir de Bal-lottage ze designéieren. Eng relativ Majoritéit geet dobäi duer.

Bei Stëmme gläichheet am Ballot-tage kënn et zu engem zousätz-lechen Tour. Bleift et bei enger Stëmme gläichheet, entscheet d'Lous.

Et gëtt och iwwer jidder Kandidat eenzel ofgestëmmt.

**Vote du premier candidat**

Mir wien elo deen éischte Kandidat. D'Ziedele ginn de Moment ausgedeelt. De Vote geschitt par appel nominal.

**Appel nominal**

D'Resultat vum éischten Vote ass folgend:

Total vun de Wahlziedelen:	51
Blank Wahlziedelen:	2
Ongültig Wahlziedelen:	1
Gültig Wahlziedelen:	48
Absolut Majoritéit:	30

D'Stëmme si folgendermoosse verdeelt:

1. Här Christian GINTER	2
2. Här Damien HOUEL	5
3. Här Lucien PETERS	1
4. Här Pierre PETERS	
5. Här Jean-Paul PORTZ	
6. Här Georges RAMOS	39
7. Här Laurent URT	
8. Här Jean-Marie VERLAINE	1

Den Här Georges Ramos huet déi absolut Majoritéit kritt mat 39 Stëmmen. Hien ass domat als éischte Kandidat gewielt.

\*\*\*

Da komme mer zur Wahl vum zweeten Kandidat.

**Vote du deuxième candidat**

Ech géif bieden d'Wahlziedelen auszedeelen.

Et dauert ee Moment, well déi nei Wahlziedele mussen eréischt fäerdeg gemaach ginn opgrond vun deem Vote, dee mer elo just virge-holl hunn. Mir strächen op deem nächsten Ziedel den Numm vun deem aus, deen elo scho gewielt ass. Dat ass eng Mesure de pré-caution.

Fir den zweeten Tour sinn d'Ziede-len elo ausgedeelt.

Ech géif Iech bieden de Vote of-zeschléissen an da kéime mer zum Appel nominal fir d'Stëm-mziedelen anzesammelen.

**Appel nominal**

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, d'Resultat vum zweeten Wahlgang ass folgend:

Total vun de Wahlziedelen:	51
----------------------------	----

Blank Wahlziedelen:	2
Ongültig Wahlziedelen:	2
Gültig Wahlziedelen:	47
Absolut Majoritéit:	29

D'Stëmme si folgendermoosse verdeelt:

1. Här Christian GINTER	34
2. Här Damien HOUEL	7
3. Här Lucien PETERS	3
4. Här Pierre PETERS	1
5. Här Jean-Paul PORTZ	
6. Här Laurent URT	
7. Här Jean-Marie VERLAINE	2

Den Här Christian Ginter huet déi absolut Majoritéit mat 34 Stëmme kritt. Hien ass domat als zweeten Kandidat gewielt.

\*\*\*

Mir kéimen dann zum Vote vum drëtten Kandidat.

**Vote du troisième candidat**

Ech géif Iech bieden, wann Der elo ofstëmmt, opzepassen op de Stylo, deen Der huet. Ech mengen nämlech, dass déi ongültig Ziedelen dohier kommen. Deemo wéi d'Tënt ass an et faalt een d'Blat zesummen, kritt een zwee verschidden Zeeche well dat offierft. Dat war elo de Fall.

Ech géing Iech biede mam Stëm-men ofzeschléissen a mir kéimen zum Asammele vun de Stëmmziedelen.

**Appel nominal**

D'Resultat ass folgend:

Total vun de Wahlziedelen:	50
Blank Wahlziedelen:	3
Ongültig Wahlziedelen:	0
Gültig Wahlziedelen:	47
Absolut Majoritéit:	29

D'Stëmme si folgendermoosse verdeelt:

1. Här Damien HOUEL	8
2. Här Lucien PETERS	30
3. Här Pierre PETERS	
4. Här Jean-Paul PORTZ	
5. Här Laurent URT	1
6. Här Jean-Marie VERLAINE	8

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, déi absolut Majoritéit huet mat 30 Stëmmen den Här Lucien Peters erreecht. Hien ass domat als drëtten Kandidat gewielt.

Mir hunn deemno eng Lëscht mat folgenden dräi Kandidaten:

- éischte Kandidat: den Här Georges Ramos;

- zweeten Kandidat: den Här Chris-tian Ginter;

- drëtten Kandidat: den Här Lucien Peters.

Dës Lëscht wäert dem Grand-Duc iwwert d'Regierung virgeluecht ginn.

Domat ass dee Punkt vun eisem Ordre du jour och ofgeschloss. Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5231 iwwert d'Be-steuerung vun den Holdingen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 fest-geluecht. Et si bis elo ageschriw-wen: den Här Meisch an d'Mada-me Mutsch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar.

6. 5231 - Projet de loi portant modification de l'article 1er de la loi modifiée du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding companies)

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

**M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir

Dammen an Dir Hären, de Geset-zesprojet iwwert d'Holdinggesell-schaften ass déi viraussichtlech lescht Etapp an der Ëmsetzung vun de Recommandatiounen vum Conseil européen vun 1998 iwwert de Paquet fiscal. Dëse Projet geet u sech op de Code de conduite zréck, deen duerch eng Décsioun vum 9. Mäerz 1998 vum Conseil Ecofin an d'Liewe geruff ginn ass. Dëse Grupp Code de conduite hat u sech den Auftrag fir d'éischt d'Steiermesuren ze evaluéieren, déi an de Memberstaten esouwéi an den associéierten an ofhänge-gen Territoirë susceptibel sinn ënnert dëse Code de conduite ze falen.

Dës Evaluatioun huet erginn, dass 66 Steiermesurë géife sou ge-nannten Éléments dommageables beinhalten, an ënnert dëse 66 Mes-uren ass dann och den aktuelle Regime vun den Holdinggesell-schaften opgefouert ginn.

Wat sinn elo d'Modalitéiten vun dësem Projet de loi? Ech wëll drun erënneren, dass u sech den Objektiv vum Législateur vun 1929 dee war, fir eng duebel Besteie-rung vun de Revenuë vu Participa-tiounen a Gesellschaften ze elimi-néieren. D'Fro, déi sech elo hei gestallt huet ass déi op wat fir engen Dispositiounen d'Holding-gesellschaft kënnten déi sou ge-nannten Éléments dommageables beinhalten.

Hei wëllt ech virewech nach eng Kéier betounen, dass de Prinzip vum Regime Holding a seng kon-zeptuell Base a sech net duerch de Code de conduite a Fro gestallt ginn, mä just d'steierlech Be-freiung vun Dividenden aus auslännesche Gesellschaften, deenen hir Benefisser op engem Niveau besteiert ginn, dee we-sentlech ënnert deem normale vu bestieerbare Gesellschaften läit. Dëst klängt alles komplizéiert, ass awer relativ einfach an ech wëll dat mat engem konkrete Beispill ënnermauern.

Eng lëtzebuergesch Gesellschaft, déi den Holdingstatut huet an déi eng Participatioun an enger Ge-sellschaft zum Beispill an der Belsch huet an déi aus dëser Participatioun Dividende bezitt, kann och an Zukunft vum Holdingstatut integral profitéieren. Déiselwech Gesellschaft, déi eng Participa-tioun an enger Offshoregesell-schaft op enger Karibikinsel besëtzt, wou d'Benefisser prak-tesch guer net besteiert ginn, ver-léiert op deenen Dividenden, déi se aus dëser Offshoregesellschaft erauszitt, de Benefiss vum Hol-dingstatut.

Wann elo déi Gesamtzomm vun Dividenden, déi eng Holdingge-sellschaft an engem Joer bezitt, méi wéi 5% Dividende compor-téiert, déi net méi an de Regime Holding falen, esou verléiert dës Gesellschaft automatesch hiren Holdingstatut. Dës Décsioun gëtt vum Direkter vun der Steiervwal-tung geholl an trëtt och mat Effet immédiat a Kraaft, an déi Gesell-schaft gëtt normal besteiert wéi all aner kommerziell Gesellschaften an eisem Land.

Ech wëll nach eng Kéier betou-nen, dass dës Regeln nëmmen ziele wat d'Ausbezuelen vun Divi-denden ubetrëfft an net fir Plus-valuen, déi zum Beispill eng Hol-ding kann erzile beim Verkaf vu Participatiounen aus anere Gesell-schaften.

De Statsrot hat a sengem Avis de Problem opgeworf wat de Recou-vrement vum Holdingstatut vun enger Gesellschaft ugeet, déi dëse Statut duerch déi Décsioun vum Steierdirekter verluer hat. Am initialen Text war virgesinn, dass dës Gesellschaft definitiv an ni méi kënnt dëse Statut récupérieren. D'Finanzkommissioun, déi op dësem Punkt de Statsrot och sui-véiert huet, ass der Meenung gewiescht dëst wier eng iwwer-méisseg streng Sanctioun, an huet also am Projet, dee mer Iech elo virleeën, festgehalten, dass



prinzipiell eng Gesellschaft hiren Holdingstatut kënn erëmkreie wa se all Konditioune géif erfëllen.

E groussherzoglecht Reglement soll dann och laut dem Projet de loi déi genau Modalitéite vun esou enger Prozedur festleeën.

D'Kommissioun huet des Weidere decidéiert, datt wann eng Holdinggesellschaft de Statut ewechgeholl kritt, se trotzdeem virun d'Recht huet op hiren Numm, well et eis geschéngt huet, datt et iwerdriwwer wär eng Gesellschaft ze obligéiere während engem Steuerexercice mussen hiren Numm ëmzeänneren.

Eng aner Fro, déi vum Statsrot opgeworf ginn ass, ass déi ob Holdinggesellschaften, déi de Statut géife verléieren, automatesch de Konventiounen géint d'duebel Besteuerung géifen ënnerleien an domadder d'selwecht behandelt gi wéi all normal kommerziell Gesellschaft. D'Äntwert ass hei kloer Jo, an dat ass eis nach eng kéier och vun der Direktioun vun der Steuerverwaltung confirméiert ginn.

**(M. Jos Scheuer prend la Présidence)**

Här President, mir hunn als Kommissioun awer och op engem Punkt de Statsrot net a senger Argumentatioun suivéiert an dat ass do wou e gär gehat hätt, datt mer e feste Steuerpourcentage géifen an den Text festschreiwen. Mir sinn nämlech zur Iwwerzeegung komm, datt esou eng fest Définitiou vun engem Pourcentage net kompatibel wär mat der Flexibilitéit, déi d'Steuerverwaltung sech och sollt ginn, fir ze decidéieren, ob en auslännesche Steiersaz vergläichbar ass mat eiser Kollektivitéitssteuer. Hei proposéiert also d'Kommissioun beim ursprüngelechen Text vun der Regierung ze bleiwen.

Schlussendlech wëll ech dann nach eng kéier betounen, datt an deemem Projet generéis Iwwerganksbestëmmunge festgeschriwwen sinn, déi festhalen, datt all bestehend Holdinggesellschaft, respektiv all déi, déi elo nach virum 1. Juli, Datum vum Akraafttriede vun deemem Text, gegrënnt ginn, ënnert déi al Dispositiounen falen, an dat bis zum 1. Januar 2011. Fir all dës Gesellschaften wäert den neie Regime also eréischt vum 1. Januar 2011 un applizéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wëllt ech betounen, datt de Projet de loi, esou wéi d'Finanzkommissioun en zréckbehalen huet, deenen allermeeschte Virbehalter, esouwuel vum Statsrot, wéi awer och vun deenen anere Berufskummen entsprécht. Dësse Projet stellt d'Weiderbestoe vun den Holdinggesellschaften absolut net a Fro, au contraire, hiert Weiderbestoen ass och iwwert d'Joer 2011 garantéiert, dësst zumindest um Niveau vum Code de conduite, esou wéi en 1998 festgeluecht ginn ass.

Ech sinn och perséinlech dovun iwwerzeegt, datt d'Finanzplaz mat all hiren Acteurs ka mat deemem Projet liewen. Allerdéngs muss ee fäerten, datt d'Europäesch Kommissioun et net wäert heibäi belossen a versiche wäert iwwer aner Weeër, wéi zum Beispill de Mechanismus vun den Aides de l'État, d'Gesetzgebung iwwert d'Holdinggesellschaften zu Fall ze bréngen. Ech hunn op jidde Fall Vertrauen an eis Regierung, datt si mat alle Mëttelen, déi hir zur Verfügung stinn, dësst wäert ze verhënnere wëssen.

Här President, mat der Adoptioun vun deene verschiddene Projeten iwwert d'Wäisswäsche vu Suen, de Projet iwwert d'Entraide judiciaire internationale en matière pénale, dem Gesetz iwwert d'Domiciliatioun vun de Gesellschaften, dem Gesetz iwwert d'Fiscalité de l'épargne, wat mer d'lescht Woch hei ofgestëmmt hunn, an da last but not least d'Gesetz iwwert d'Holdinggesellschaften, hu mir

eis en ligne gesat, op där enger Sait mat de Recommandatiounen vun deene verschiddene Conseils Econfin, wat d'Fiscalitéit vun den Entreprises ugeet, an op där anerer Sait all déi Direktiven ëmgesat, déi d'Bekämpfung vum Wäisswäsche vu Suen an de Finanzement vum Terrorismus beinhalten.

Mir hunn domadder eis Hausaufgabe gemaach, esouwuel um Niveau vun der Regierung wéi vum Parlament an domadder hoffentlech d'Finanzplaz aus der Schosslinn vun den internationale Kritike bruecht. Ech géif lech dofir bieden dësse Projet ze stëmmen, an ech bréngen och direkt d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu deemem Projet.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Mosar. Als éischte Riedner ass den Här Claude Meisch ageschriwwen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Claude Meisch (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischte dem Rapporteur, dem Laurent Mosar, Merci ze soe fir säi schrëftlechen an och säi mëndleche Rapport.

Ech wëll och net déi eenzel Dispositiounen widderhuelen, hien huet dat ganz flott gemaach, ech wëll just nach eng kéier ënnersträichen, datt dësse Projet de loi jo och eng Suite ass vun deene Konklusiounen, déi de Conseil des Ministres vun der Union européenne gezunn huet den 3. Juni 2003, dat an der Matière vun der Fiscalitéit vun den Entreprises. Lëtzebuerg war jo och ëmmer Demandeur, datt mir an den Diskussiounen ronderëm d'Zënsbesteuerung eis net nëmmen op d'Zënsbesteuerung konzentréieren, mä ebe grad och de Volet Fiscalitéit vun den Entreprises mat abezéien, an dat heiten ass souzesoen also och eng Konklusioun doraus.

Den Holdingstatut ass jo geschafeg fir Duebelbesteuerungen ze évitéieren, an am Laf vun der Zäit huet et sech awer esou erginn, an dat gëtt besonnesch dann eben opgeworf vun eisen europäesche Partner, datt do ënner gewësse Konstellatiounen, bei gewëssene Fäll, d'Avantagen ze grouss wäeren, respektiv virun allem da par rapport zu den Dispositiounen wéi mir se an anere Länner kennen.

Dat huet dozou gefouert, datt mer dës Adaptatiounen hei maachen, wat keng bedeitend Adaptatiounen sinn. Den Här Mosar huet se am Detail explizéiert, an ech wëll nach eng kéier ënnersträichen, datt mer hei jo awer och e Projet hunn, deen eng Rei vun Iwwerganksbestëmmunge beinhalt, wéi mer héieren hunn, datt déi Holdingen, déi virun der Akraafttriedung vun deemem Projet de loi hei constituéiert gi sinn, bis 2011 eng Iwwerganksléisung hätten, dat heescht, datt se an hirem aktuelle Statut géinge bleiwen a sech net un dësse Gesetz direkt bräichten ze adaptéieren, datt eng Holding, déi eng kéier de Statut géing verléieren, herno en och erëm eng kéier kënn zréckkreien.

Dat si Mesuren, déi et erlaben trotzdeem hei en attraktiven Environnement op eiser Finanzplaz ze halen an awer gläichzäiteg den Demandé vun den europäesche Partner gerecht ze ginn. An dofir ass et och esou, datt d'Demokratesch Partei deemem Projet wäert zoustëmmen.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Meisch. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch ageschriwwen. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir

Hären, déi zirka 13.000 bis 14.000 Holdingen, déi mer hei am Land hunn - esou e ganz genaue Chiffer war net an Erfahrung ze bréngen -, sinn e ganz feste Bestanddeel vun eisem Secteur financier, an doduerch dass se ebe grad dee spezielle Statut fiscal hunn, wou se vun enger ganzer Rei vu Besteuerunge befreit sinn: Kollektivsteuer, Gewerbesteier, Verméigenssteuer an och Quellesteuer op deenen Dividenden, wou se d'Distributioun dovunner maachen, waren se an der Lescht virun allem vun deenen anere Länner oft ugesinn als Instrument d'évasion fiscale, a mir waren och oft dowéinst am Gespréich.

A Wierklechkeet war natierlech 1929, wou dat Gesetz iwwert d'Holdinge gemaach gouf, wuel am Hannerkapp, dass ee sollt e favorabelt wirtschaftlecht Ëmfeld fir den Développement fir déi Gesellschaften schafen, virun allem doduerch dass d'double imposition verhënnert ginn ass. Dat war niewent anere Formulen, déi an anere Länner gebraucht goufen, eng vun deene Formulen, déi hei ausgewise waren an déi och deemools net weider am Gespréich waren.

Mir konnten natierlech, baséierend op där Législatioun, eng Rei vun Aktivitéiten am Finanzsektor hei am Land opbauen, déi sech awer an engem gudden Ëmfeld konnten entwëckelen, zum Beispill am Beräich vum Contrôle a vun der Gestiou vu Fortune oder och als Sociétés de financement, well déi Sociétés dierfen zwar wuel keng eege kommerziell oder industriell Aktivitéiten hunn a mussen sech drop beschränken, Participatiounen bei anere Sociétés ze hunn, mä si dierfen awer Emprunten ophuelen a se och un aner Sociétés weiderginn, wovunner dann och profitéiert ginn ass. Si konnten och eng ganz Rëtsch vu Formulë sur mesure ubidden, virun allem fir grouss international Gruppen, Stéchwuert „corporate“.

Dat war also a bleift och weider fir eis vu grousser Bedeitung. Trotz där héijer Zuel - vläicht kann de Minister eis déi genee Zuel vun Holdingen hei am Land nennen - si se awer net mat Banken oder aneren Organismes de placement collectif an hirer Bedeitung ze vergläichen oder och Assurancen oder Réassurance beispillsweis. Et ass och ganz schwéier déi genee Répercussiounen op d'öffentlech Recetten auszuweisen oder déi genee Retombée-économiquen oder wéi vill Leit elo genee an deem Secteur schaffen.

Mir haten an eiser Kommissioun eng Rei vu Chiffre matgedeelt kritt, déi awer interessant waren. Et ass fir déi Zuel vun Holdingen, déi mir ongeféier presentéiert kritt haten, also tëscht 13.000 a 14.000, e Gesamtkapital vu ronn 42 Milliarden Euro, an dee mam Verglach, 200 Bankinstituten, 650 Milliarden Euro, also eng komplett aner Proportion. Oder och d'Organismes de placement collectif, 870 Milliarden Euro bei 1.700 eenzelnen Organismen. Dat situéiert also vläicht d'Holdinge wat hir Bedeitung um wirtschaftleche Plang fir eist Land ass.

Elo maache mer jo net méi an net manner - an et gouf hei scho gesot - wéi en neien Alinea anzebannen an dat bestehend Gesetz vun 1929, wat natierlech dann zu engem neie Gesetz gëtt, an domat verléieren d'Holdinge just dann dee besonnesche Statut d'exemption fiscale wa se méi wéi 5% vum Montant total vun deenen Dividenden, déi se ausginn, aus Sociétés non résidentes bezéien, déi kengem Impôt sur le revenu ënnerleien.

Dat muss dann och all Joer - an och dat gouf hei scho gesot - vun engem Réviseur d'entreprises oder engem Expert-comptable per Zertifikat attestéiert ginn, an am Juni 2005 kënn dat en vigueur fir déi, déi ënnert deen neie Regime falen, a fir déi, déi elo schonn do sinn, gëllt den Délai vun 2011.

Well de Rapporteur ganz am Detail dorobber agaangen ass, wëllt ech him net nëmme Merci soe fir säin ausféierlechen an iwwersichtleche Rapport, mä och drop verzichte fir nach weider dorobber anzegoen.

Et ass awer vläicht nach interessant trotzdeem kuerz op dat geännert europäescht Ëmfeld anzegoen an och op dee Package, deen dat heite jo duerstellt, nieft aneren Diskussiounen, déi mer zum Beispill schonn am Zesummenhang mat der Quellesteuer verbonnen hunn. Et ass e ganz sensibele Kontext, an et war och ausser Fro - och dat ass an der Kommissioun diskutéiert a confirméiert ginn - et war och onméiglech fir géint déi heiten awer trotzdeem liicht Modifikatiounen ze sinn als Lëtzebuerg.

Dat war net nëmmen net ubruecht wéinst der inhaltlecher Envergure vun deem Ganzen, mä natierlech och net ubruecht wéinst deem kontraproduktive Message, dee mer géinge ginn, net nëmme wat den Image de marque vun eisem Land ugeet, mä besonnesch wat d'Bedeitung vun der Place financière ugeet.

An et ass jo och schonn hei eng kéier rappéléiert ginn, dass dat Ganzt op Mesure-fiscalen zréckgeet, déi 1997 ënnert der Présidence vun eisem Land ausgeschafft goufen, mat engem Code de conduite, deen doropshin ausgeschafft ginn ass am Domän vun der Fiscalitéit vun den Entreprises, an dass do een Haapthannergrond deem zugrond louch, nämlech dass de Mesuren, déi kéinten Délocalisatiounen bewierke vu wirtschaftlechen Aktivitéiten, soll entgéintgewierkt ginn, wat natierlech am europäesche Kontext eng Absicht ass, déi vum Wirtschaftlechen hier eng ass, déi mir matdroen.

Dann nach eng kéier, dat hei ass een Deel vun engem Gesamtpackage. Et si keng dramatesch Agréffer an eis Législatioun, zemools d'Legitimitéit vun der Existenz a vum Handlungsspillraum vun den Holdingen hei zu Lëtzebuerg net a Fro gestallt ass. Souguer wann ee sech net kann en conformité setze mat deem doten Zertifikat, da verléiert ee weder de juristeschen nach den ekonomesche Statut, mä eigentlech ledeglech während engem Exercice en cours d'Exemption vun deem spezielle Régime fiscal a kritt dann och eng Geleeënheet fir sech nees ze rattrapéieren.

Insgesamt konnte mir eis och nom Gespréich mat dem Minister an och mat senger Beamten dovunner iwwerzeegen, dass et bestëmmt e schwierige Match ass, deen op europäeschem Plang ze féieren ass, souwuel vun eiser Regierung wéi och deenen, déi mer an deene ville Groupes de travail sëtzen hunn. Elo hate mer nach d'Chance - fir ee Moment nach bei deemem Projet ze bleiwen -, dass sech d'Portée vun deem heite Gesetz limitéiert huet op d'Dividenden, an et net zum Beispill esou wäit gaangen ass wéi eng Rei vun europäesche Länner gefuerdert hunn, dass et zum Beispill och fir d'Plus-valuë géing gëllen.

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

Doraus kënne mer schléissen, dass wahrscheinlech déi ganz Diskussiounen nach net ofgeschloss ginn, a mer nach déi eng oder déi aner kéier wäerte missen hei dorobber zréckkommen. Fir eis heescht dat einfach an deenen nächste Méint a Joren d'Obligatioun fir och e Mëttelwee ze fan-

nen, op där enger Sait vun där Surveillance an deem Contrôle, dee mer eis selwer mat aus dem europäesche Partenariat operluecht hunn, fir d'Finanzaktivitéiten op déi Aart a Weis ze begleeten, an op där anerer Sait awer och den Investisseuren déi Protektioun ze garantéieren, oder deen Encadrement ze garantéieren, dass se net fortlafen.

Dat heescht op där enger Sait dem Drock net nozeginn an op där anerer Sait awer och zur Kenntnis ze huelen, dass et fir déi, déi concernéiert sinn, ëmmer méi opwändeg gëtt, méi schwierig gëtt, ëmmer méi schwierig géraabel gëtt an domat och ëmmer méi deier gëtt, fir sech en conformité ze setzen. Dat huet natierlech seng Répercussiounen net nëmmen op déi concernéiert Sociétés, mä och zum Beispill op eis Administration de l'Enregistrement, déi net nëmme méi Aarbecht kritt, mä einfach och méi e Volume ze bewältege kritt, fir déi Mise en conformité ze begleeten, déi hei och schonn ugeklongen ass.

Et heescht awer och, an domat wier ech um Schluss ugelangt, dass ëmmer manner Spillraum bleift fir hei zu Lëtzebuerg nei Créneauen ze schafen, déi eis vun anere Länner ofhiewe respektiv als Nischepolitik kéinten interpretéiert ginn. An et soll och fir eis awer an der Zukunft virun allem als Encouragement verstane sinn, fir weiderzefuere mat enger Diversifikatiounspolitik um wirtschaftleche Plang, a virun allem och an Zukunft drop ze setzen, dass mer net nëmmen e performante Finanz- an Déngschtleeschungssektor hunn, mä och déi aner Secteurs confirméieren a weider ausbauen.

Zum Beispill ass et gradesou wichteg en Industriesektor ze fördern an et ass och gradesou wichteg op nei wirtschaftlech Pilieren ze setzen, zum Beispill d'Innovatioun, d'Fuerschung an d'Formatioun och um universitäre Plang. Mat deene Remarqué géing ech den Accord vun eiser Fraktioun zu deemem Projet de loi matbréngen.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Madame Mutsch. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss an d'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Minister Luc Frieden.

Entschëllegt! Ja?

**(Interruption)**

Dir sidd net ageschriwwen. Géift Der lech nach gären aschreiwen? Très bien, dann huet den honorablen Här Henckes d'Wuert.

**(Interruption)**

Här Bausch, et ass net u mir fir dat ze apprécieieren.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, entschëllegt mech, ech hat geduecht, datt ech als Riedner ageschriwwen wor.

Et muss een nach eng kéier festhalen, datt mer eng vun onse fundamentale Législatiounen, déi vun der Holdinggesetzgebung '29, elo modifiéieren an datt mer also an där Linn leien, déi ech scho regrettéiert hat bei der Debatt iwwert d'Quellesteuer, an zwar datt mer ëmmer méi Schadensbegrenzungen a Réckzuchsgedechter maachen, wat e gudden Deel vun onsen Dispositions législatives uginnt, déi d'Finanzplaz Lëtzebuerg ausgemaach hunn.

Et muss een och soen, datt déi Holdinggesetzgebung vun 1929 hir Daseinsberechtigung hat, wéi se geschafeg ginn ass, well et dorëmmer gaangen ass, deenen Entreprises, déi am Ausland investéiert hunn, et ze erlaben, datt wa se herno d'Dividende rapatriéiert hunn op Lëtzebuerg, wou eng Quellesteuer drop wor, se deen Ablack zu Lëtzebuerg net



nach eng Kéier besteiert gi sinn. Deemools sinn et och ganz weíneg Duebelbesteierungs- ofkommesse ginn téschent Lëtzebuerg an deenen anere Länner, dofir hat déi Gesetzgebung absolut hire Wäert.

An och haut muss ee soen, datt mer zu Lëtzebuerg eent vun deene Länner sinn, wat zwar eng etlech Duebelbesteierungs- ofkommessen huet, mä awer vill manner wéi Holland, Frankräich oder Däitschland. An et ass also sonner Zweifel, datt wann eng Entreprise wëllt an d'Ausland investéieren, an e Land wou Lëtzebuerg keen Duebelbesteierungs- ofkommessen huet, datt deen Ablack déi Gesetzgebung vun onser Holding '29 nach ëmmer hir Berechtigung huet.

Ech bedauern, datt dat Positiivt un där Saach, wat absolut ekonomesch richteg ass, net richteg an der internationaler Finanzpress an och soss dohierter op den europäesche Regierungsconseilen duerchkënnt. Ech wënsche mer oft, datt een heiansdo déi Gesetzgebung, déi een huet, méi positiv soll verkafen, well een och gesäit, datt aner Länner ähnlech, all méiglech Dispositionen huelen, fir do bei hire Gesellschaften, déi am Export tätég sinn, Steiermesurë virzehuelen, déi eng Exonération fiscale oder soss eng Faveur kënnen virgesinn. Ech wëll nuren un d'Foreign Sales Corporation denken, op déi d'amerikanesch Firme kënnen zréckgräifen a wou et eng etlech Diskussiounen gëtt.

Dat zweet wat ee muss festhalen, dat ass, datt mer elo mat enger Gesetzgebung konfrontéiert sinn, déi mir zwar e bëssen à regret kënnen matdroen, well et esou négociéiert ginn ass, well och an aneren europäesche Länner ähnlech Mesuren, déi bestanen hunn an der Belsch oder an Holland a sou weider, datt déi och solle bis Enn 2010 ofgeschaaft ginn oder modifiéiert gi sinn, mä nach bedauern ech, datt mer hu missen zu deem Schratt do kommen.

Da géing ech den Här Finanzminister bieten, awer och mol eng Kéier ze kucken, datt mer méi Duebelbesteierungs- ofkommesse géinge kréien. Et sinn der eng etlech négociéiert, Här Minister, an déi leien am Tirang an der Steierverwaltung. An dat sinn der eng etlech, ech wëll nuren een ervirsträichen, wann ech mam A bei de Länner ufänken, dat ass dee vum Aserbajdschan, mä et gëtt der nach eng etlech anerer, an déi Gesetzgebungen, déi Accorden, déi missten awer op den Instanzewee kommen. Mir wëssen, datt dofir dann de Ministère des Affaires étrangères zoustänneg ass, mä et wier awer gutt, wa mer och géingen op dee Wee do goen.

Dat zweet, wat mengen ech noutwendeg ass, dat ass, datt mer och als Land, also Dir als Regierung sollt kucke fir eng Étude comparative ze maache vun den Duebelbesteierungs- ofkommessen, wéi mir se hei zu Lëtzebuerg négociéiert hunn, a wéi se an onsen Nopeschlänner an an anere Länner vun der Europäescher Unïoun bestinn. An do muss ee feststellen, datt mat munche Länner Lëtzebuerg net esou gutt do steet, wéi zum Beispill Holland, Frankräich oder Däitschland. An dat ass net gesond, well deen Ablack Entrepreneuren, anstatt vu Lëtzebuerg aus ze investéieren, deen Ablack an aner Juridictione mussen goe fir do vu besserer Konditione ze profitéieren. Dofir wier et gutt, wann een déi Aarbecht géing maachen.

En drëten Deel, dee wichteg ass an dem Kontext vun den Investisementer an d'Ausland, dat ass, datt mer och Konventionen géingen ënnerschreiwe mat verschiddene Länner, iwwert d'Protektion vun den Investisementer. Och do, mengen ech, leie mer wäit am

Hannertrefe vis-à-vis vun onsen Nopeschlänner.

Dat gesot, kënnen mer mat engen etleche Regreten awer den Text, esou wéi den Här Mosar e virgestallt an explizéiert huet, matdroen.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo awer definitiv den Här Minister Luc Frieden. Här Frieden.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géing och gären dem Här Mosar an deenen anere Kollege Merci soe fir hir Stellungnahme zu dësem Projet de loi; Stellungnahmen, déi am Fong net d'Komplexitéit an d'Häert vun där Debatt erëmispigelen, déi mer ronderëm dës europäesch Regeln, déi zu dësem Gesetzprojet geféiert hunn, an deene leschte Jore geféiert hunn.

Et ass hei an e puer Interventiounen erauskomm, wéi wann dat heiten d'Resultat wär vun engem Op-d'Säit-gedréckt-Gi vun europäesche Reglementatiounen. Elo grad ass nach geschwat gi vu Réckzugsgefechter a Schadensbegrenzung. Dat kann ee sécher esou gesinn, mä dës anti-europäesch Astellung, déi natierlech a contrario heescht, datt ee seet: Mä mir wären nach vill besser drun, wa mer dat do alles net hätten. Mir kéinten eist Holdinggesetz halen, mer bräichten eng ganz Rei aner Gesetzgebungen net ze maachen.

Da muss ee sech d'Fro stellen, a wéi enger Situatioun een ass a wat fir eng Choixen een huet. Mir hätte selbstverständlech kéinte soen, mir maache bei all deene Saachen do net mat a mir bleiwen op eiser Insel hei sëtzen. Dann hätte mer keng fräi Circulatioun vum Kapital, mir hätte kee groussen europäesche Bannemaart an deem d'Kapital géing fräi circuléieren, an deem d'Leit kéinte fräi circuléieren, a mir wären iwwerhaupt net an déi Situatioun komm, wou mer haut eng grouss international Finanzplaz hätten.

Et ass innerhalb vun deenen europäesche Regeln, wou mer d'Diskussioun geféiert hunn, wat ass eng fair Besteuerung vu Gesellschaften, an et ass déi Diskussioun, déi mer geféiert hunn. An an där Diskussioun, mengen ech, wann een de ganze Code de conduite kuckt, deen am Beräich vun der Betrëbsbesteuerung um europäesche Plang arrétéiert ginn ass, datt Lëtzebuerg relativ gutt ewechkomm ass. Well et si 66 Moossnamen, déi vun den europäesche Ministere considéiert gi sinn als onfair Besteuerung. Do sinn der nëmmen zwou, déi Lëtzebuerg betraff hunn. All déi aner hunn aner Länner betraff. An déi richteg Debatt war am Fong: Wat ass eng fair Besteuerung? Ass et fair - war eng vun de Froen - wann ee verschidden Typë vu Gesellschaften ganz anescht behandelt wéi déi, déi an hirem nationale Bannemaart esou traitéiert ginn?

An duerfir mengen ech, datt déi falsch Schlussfolgerung déi wär fir ze soen, et ass dat béist Europa, wat eis zu dësem Schrëtt verleet. Et muss ee virun allem déi grouss Opportunitéite gesinn, déi mer hunn, doduerch datt mer an deem Europa sinn an datt mer kënnen an Europa eis Finanzprodukter verkafen, och wann dat heiansdo heescht, eng Réadaptatioun vu Regeln, déi mer hunn.

Et muss een och gesinn, wéi gesot, niewent dem Fait, datt 64 Steiermoossnamen an anere Länner mussen ofgeschaaft ginn, datt mer och zu Lëtzebuerg an dëser Verhandlung eppes vill méi Wichteges fäerdeg bruecht hunn, nämlech alles dat wat net am Code de conduite zréckbehale ginn ass, an notament d'SOPARFien, wat eng

aner Zort vun Holdinggesellschaften ass, wouriwwer mer laang diskutéiert hunn.

Dee Schrëtt, dee mer hei gemaach hunn, an deem d'Chamber de Mëtten hei diskutéiert, ass am Fong e kleng Volet, dee mir als Contributioun gemaach hunn, fir eng méi fair Besteuerung vun den Entrepreneuren am groussen europäesche Bannemaart ze maachen.

Dat ass och en Débat, deen net ophält. Et wär och falsch ze mengen, datt mer haut mat deenen Debatte fäerdeg sinn. Europa ass Gott sei Dank e Kontinent, deen evoluéiert. Mir wäerten och nach an deenen nächsten 10, 20, 30, 40 Joer iwwer Besteuerung an Europa schwätzen, a kucken, wéi mer dee Bannemaart esou kënnen gestalten, datt mer all d'Opportunitéiten och wierech voll kënnen notzen.

An ech soen nach eng Kéier: Fir eist Land sinn déi Opportunitéiten enorm. Et géing eise Räichtum hei zu Lëtzebuerg net ginn ouni dat Europa, weder am Stol nach bei de Medien a scho guer net op der Finanzplaz.

Duerfir bieten ech drëm, datt een déi ganz Diskussioun am Breede gesäit, an datt esou Ännerungen wéi dës am Fong zu enger europäescher Partnerschaft gehéieren. Quitte datt déi Verhandlungen, déi heizou geféiert gi sinn, net einfach waren, well et selbstverständlech eng Attitüd gëtt vun enger Rei Memberstaten, déi natierlech aus enger gewëssener Jalousie eraus, respektiv och well hinne ganz vill Kapital verluer geet, wann dat an d'Nopeschlänner geet, versichen dat eent oder anert Instrument, wat d'Noperen hunn, ze eliminéieren.

Mä nach eng Kéier: Och déi aner hunn hei an dëser Diskussioun missen op eng Rei Instrumenter verzichten. Et wäert och d'Aufgab sinn ze kucken an deenen nächste Joren, wéi déi aner Länner dëse Code de conduite ëmsetzen.

Dës Debatt ass net eriwuer. Och de Rapporteur huet et ugeschwat: Et gëtt effektiv eng Tendenz an der Europäescher Kommissioun, fir ze soen, datt dës Holdinggesellschaften géint d'Regele vun den Aides d'État verstoussen. Dat ass eng Theorie, déi d'Lëtzeburger Regierung net deelt. Wann d'Kommissioun op deem Wee géing weidergoen, da muss dat um europäesche Geriichtshaff gekläert ginn. Dat muss een an deenen nächste Woche gesinn. Mir wäerten op jidde Fall déi Argumentatioun widerleeën. Mä wéi gesot, d'Gerichter sinn dann do fir dat ze tranchéieren.

Och aner Gesetzter, déi de Rapporteur hei mentionnéiert huet, bedeiten net d'Enn vun der Gesetzgebung ronderëm d'Finanzplaz. De Rapporteur huet geschwat vum Gesetz iwwert d'Geldwäsch. Et muss ee wëssen, datt op europäeschem Plang fir de Moment eng drëtt Direktiv iwwert de Kampf géint Geldwäsch an der Diskussioun ass, datt mir also och déi mat verhandelen, an déi och le moment venu mussen an eis national Gesetzgebung ëmsetzen.

An deem Europa, wat eis esou viles bréngt, also vill Räichtum elo an an der Zukunft bréngt, gëtt et selbstverständlech och ëmmer nei Opportunitéiten. Ech mengen, dat ass och an där Debatt vläicht net genuch zum Virschäi komm. Europa huet sech net zum Zil gesat, a kann dat och guer net, fir d'Besteuerung ze uniformiséieren an ze harmoniséieren.

Mir hunn och grad duerch déi Diskussioun am Code de conduite ganz vill nei Méiglechkeete fir Lëtzebuerg entdeckt. Am Ufank

stoungen op där Lëscht 226 Moossnamen, déi analyséiert gi sinn. Et sinn der 66 bliwwen. Mir hunn do ganz viles an deenen Diskussiounen geléiert. Mir hu ganz interessant Strukturen am Ausland gesinn, vun deene mer net ausgeschléissen, datt mer déi och an d'Lëtzeburger Gesetzgebung kënnen aféieren, well Europa elo gesot huet, datt dat Gesetzgebungen oder Moossname sinn, déi europakonform sinn - wann ech dat dierf esou nennen.

Duerfir mengen ech, datt och an Zukunft Kreativitéit grad an engem kleng Land wéi eiem gefuerdert ass, sou datt mer also an deenen nächste Joren eis d'Konditioun gesat hunn, nei Instrumenter ze schafen, déi konform sinn zu den europäesche Regeln, an déi et wäerten erlaben och zu Lëtzebuerg nei Finanzaktivitéiten unzezeien. Mir mussen also nach besser kucken, wat sech am Ausland deet, an domadder d'Konkurrenzfähigkeit vun eiser Finanzplaz erhalen. Dat ass vill Aarbecht an dat ass virun allem och eng technesch Aarbecht. Dorunner schaffe mer mat den Acteuren vun der Finanzplaz.

Ech mengen, et wäeren nach vill Méiglechkeeten, och wa mer hei e Millimeter ännere vun enger Gesetzgebung, déi awer während 80 Joer e gudden Déngscht geleescht huet, mä wéi gesot, et sinn anerer, déi haut méi attraktiv sinn a méi wichteg si fir Lëtzebuerg wéi déi heiten.

Ech si frou, datt mer beim Code de conduite zu deem dote Resultat komm sinn, mä wéi gesot, et wäert och an Zukunft och an dësen Dossieren nach esou munch Debatt op europäeschem Plang ze féiere sinn. Dat Wesentlech ass, datt een d'Gesamtbild vun der europäescher Integratioun, vun der Ouverture vun de Finanzmäert net vergësst, déi méi wichteg ass, wéi verschidden Dealer, déi mer haut hei diskutéieren.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun der Debatt. Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi, dee mer elo just diskutéiert hunn.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5231 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Paul-Henri Meyers), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Marie-Josée Frank), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zum nächste Projet, der Diskussioun iwwert de Projet 5402 iwwert den Asaz vun der Informatik bei der Douane. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Bodry an den Här Braz. Als éischte Riedner huet elo de Rapporteur d'Wuert, den honorabelen Här Patrick Santer.

## 7. 5402 - Projet de loi portant approbation du Protocole établi conformément à l'article 34 du Traité sur l'Union européenne, modifiant, en ce qui concerne la création d'un fichier d'identification des dossiers d'enquêtes douanières, la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 8 mai 2003

**Rapport de la Commission juridique**

■ **M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee vun der Bekämpfung vun der grenzüberschreitender Kriminalitéit schwätzt, därerf een déi wichteg Contributioun vun den Douanesautoritéiten net vergiessen. Och si spillen eng wichteg Roll fir d'Schafe vun engem Espace de liberté, de sécurité et de justice an der Europäescher Unïoun.

Wann et um Niveau vun de Polizeia Justizautoritéite Kooperationsstrukturen an -institutionen um Niveau vun der Europäescher Unïoun gëtt, an ech schwätzen hei Eurojust an Eurojust un, da funktionéiert d'Zesummewierke vun den Douanesautoritéiten an der Unïoun ouni esou zentral Strukturen. Duerfir ass et grad esou wichteg, datt d'Informationsflëss téschent den nationalen Douanesautoritéiten optimal solle stattfannen.

Duerch e Gesetz vum 20. Dezember 2002 hu mer eng Konventioun vun 1995 approvéiert, déi als Objet d'Uwendung hat vun der Informatik am Kader vun der Zesummenaarbecht téschent den Douanesautoritéiten. Esou gouf de Système d'Information des Douanes oder SID geschafen.

De Système d'Information des Douanes ass een, fir all Douanesautoritéit an der Europäescher Unïoun zougänglech, Computernetzwerk, dat d'Zil verfolgegt, an ech zitéieren hei d'Konventioun: «aider à prévenir, rechercher et poursuivre les infractions graves aux lois nationales en renforçant, par une diffusion plus rapide des informations, ...»

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

■ **M. le Président.** - Wann ech gelift!

■ **M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.** - Et interesséiert net vill Leit, mä ech fänken erëm un. D'Zil vun der Konventioun war «aider à prévenir, rechercher et poursuivre les infractions graves aux lois nationales en renforçant, par une diffusion plus rapide des informa-